„Eechternoacher Massdéiner"

„Aarbecht, déi ee gäer mécht, well se Friichten dréit"

Zënter 30 Joer engagéiere sech d'Massendénger vun Iechternach fir eis ONG a fir d'Kanner am Paraguay

D'Eechternoacher Massdéiner (Iechternacher Massendénger) sinn zanter 1989 offiziell e Veräin. Vun Ufank un, oder am Fong geholl scho virun den Ufäng, nämlech säit 1986 ass et eis en Uleies, fir „Pro Niños Pobres" respektiv „Nouvelle PNP" ze ënnerstëtzen. Ech sinn op eiser leschter Generalversammlung vum Henri Hirtzig gefrot ginn, ob ech eise Veräi kuerz presentéiere kéint, an dat wëll ech elo heimat maachen.

Mir sinn e Veräi vu Massendénger, dat heescht eis éischt Aufgab ass den Déngscht an de Massen an diverse Feierlechkeete vun eiser Por, dorënner natierlech eist Weltkulturierwen, d'Sprangprossessiunn. Dëse liturgesche Volet ass klassesch, fir en ze erfëllen, bräicht een u sech kee Veräin. Fir ze verstoen, firwat mir trotzdem e Veräi sinn, muss een e puer Iechternacher Eegenheete kennen.

Do wier éischtens den Alter: De Mindestalter ass natierlech de Kommiounsalter, also 8-9 Joer, par konter gëtt et keen Héchstalter, an ech si mat menge 24 Joer och nëmmen deen zweeteelsten Aktive vu bal 100 Massdéiner. De geneeën Ursprong vun dëser „Traditiunn" entzitt sech menger Kenntnis, mee ech huele staark un, datt den Théophile Walin, Dechen en retraite an dreiwend Kraaft vun der Veräinsgrënnung bis zu senger wuelverdéngter Pensioun 2014, net ganz onschëlleg dorun ass. Hien ass et also, deen insistéiert huet, et sollt e Veräin gegrënnt ginn. Dat huet de Borschten deemools (et waren um Ufank nëmme Borschten, wat sech awer mëttlerweil geännert huet) erlaabt, an et erlaabt eis haut nach, sëlwer iwwert eis Organisatioun, iwwert eis Projeten an deelweis eis Problemer ze diskutéieren an ze decidéieren. Déi dreiwend Kraaft wierkt och haut nach a Gestalt vun eisem aktuellen Dechen Francis Erasmy.

Mir probéieren effektiv, dat Geeschtlecht mat deem Weltlechen ze verbannen a Frëndschaft an Zesummenhalt ze stäerken. An der Ufankszäit a laang Joeren hu mer mat grousser Freed Theater gespillt. De Kalenner vun den Aktivitéiten ass och haut awer nach zerguttst gefëllt. Mat eisen eegene Bal hale mir un enger anerer „Eechternoacher Traditiunn", der Fuesent, fest.

Eise Patréiner, den hellegen Tarcisius, feiere mir all Joers mat engem „klenge" Summerfest direkt virun der Basilika. Dëst Joer riichte mer fir d'éischte Kéier e Footballstournoi aus. Ëm Chrëschtdag gëtt et direkt e puer Saachen, déi ernimmt kënne ginn: Mir huelen ënnert diverse Formen um Chrëschtmaart deel a mir bedeelegen eis un der Stärenaktioun fir „Nouvelle PNP" andeems mer Stäre fir d'Chrëschtbeem an der Basilika verkafen. Mir sinn och en typesche Veräin an där Hisiicht, datt d'Fester, Gebuertsdeeg a Jubiläen sou gefeiert gi wéi se falen.

Bei hirem Besuch bei de Massendénger krut d'Norma Duarte e Spréngerduch, ...

Och dëst Joer hunn d'Massendénger vun Iechternach eis ONG mat engem generéise Scheck ënnerstëtzt.

Wourop ech besonnesch houfreg sinn (ech hoffen dir verzeit mir et), ass, datt mir ee vun de wéinege Veräiner si, wou verschidde Bevölkerungsgruppen zesummekommen, virun allem Portugisen a Lëtzebuerger. Och dëst war vun Ufank un esou an et dreet mat Sécherheet zum Charme an zu der Unzéiungskraaft bäi.

Dat Ganzt ass natierlech net wéineg Aarbecht, mee et ass Aarbecht, déi ee gär mëscht, well ee gesäit, datt se Friichten dréit. Ech huelen un, datt d'Equipe vun „Nouvelle PNP" dat selwecht iwwert hiert Schaffen denkt. Déi Iddi, fir de Mënschen am Sënn vum Wuert ze déngen, deelt är A.s.b.l. mat eisem Veräin. Ech verrode kee Geheimnis, wann ech soen, datt d'Betounung vum karitativen Engagement och op eise "Veräinspapp", den Häer Walin zréckgeet. Mir hunn an deene Joeren zanter eiser Grënnung eng séllech karitativ Wierker ënnerstëtzt, an deem Sënn hëllefe mir Joer fir Joer dem Bëschof Dias vu Port Blair an Indien mat engem Don.

An dofir si mir och besonnesch frou, mat „Nouvelle PNP" e Partner fonnt ze hunn, vun deem mir sécher sinn, datt en sënn- a wäertvoll Projeten op d'Been stellt, dorënner de Projet mat der ONG „Callescuela" am Paraguay, dee mir elo schonn eng Rëtsch Joeren ënnerstëtzen. Dës Zesummenaarbecht ass an de vergaangenen 30 Joer och eng „Traditiunn" ginn, un däer mir óch weider festhale wëllen.

Patrick Ries, President voan den Eechternoacher Massdéiner

... dat si mat heem an de Paraguay bei hir ONG „Callescuela" bruecht huet - e Symbol vu Frëndschaft iwwert d'Grenzen ewech.